40
Joër

NATUR- A VULLESCHUTZ

Sektioun
Schëffléng

1956 - 1996

Inhaltsverzeechnes

Säit

Programm vum 3. März 1996 3

Virwuert vum H. J. Spautz, Châmberpresident 4

Virwuert vum H. J. Lahure, Ëmweltminister 6

Virwuert vun der Madame N. Stein, Burgermeeschter 8

Virwuert vum H. Ed. Melchior, Landespresident 10

Virwuert vum H. R. Schauls, Mouvement écologique 12

Programm vun der Séance Académique 14

Virwuert vum H. L. Winandy, Sektiounspresident 16

E klenge Réckbléck iwwert d'Sektioun Schëffléng 18

De Comité am Joër 1996 24

Di nei Logoë vun eiser Sektioun 27

Layout an Drock

Programm vum 3. März 1996:

10^{30} **Mass an der Poarkiirch vu Schëfflëng**
gesonge vun der Chorale Ste. Cécile
ënnert der Direktioun vun der
Madame Milly Thiel-Winandy

11^{30} (no der Mass) **Séance Académique**
an der Salle Grand Duc Jean am
Schëfflënger Stadhaus.
D'Séance Académique gët musikalesch
gestaltet vu Professeren aus dem
Conservatoire vun Esch.
Festriedner sin:
*den **Här J. Spautz,** Châmberpresident,*
*den **Här J. Lahure,** Ëmweltminister,*
*d'**Madame Nelly Stein,** Burgermeeschter,*
*den **Här Ed. Melchior,** Landespresident.*

15^{30} **Generalversammlung vun eiser Sektioun**
am
Café "Beim Germaine"
18, rue Basse zu Schëfflëng



Jean Spautz
Châmberspresident

Léif Schëfflénger Natur- an Déierefrënn!

Wat wir eis Welt ouni Déieren an de Mënsch ouni hir Präsenz? Gitt emol duerch d'Gewan a stellt Iech vir, et géif de Gesank vun de Vullen nët méi gin. Dëse Gedanken alleng geet duer, fir sech bewosst ze sin, wat eis Verantwortung op deem Gebitt as. Mir wësse scho säit laangem, datt d'Entwécklung vum Fortschrëtt op alle Gebidder nët ëmmer deen néidege Respekt vrun eiser Ëmwelt huet, an de Mënsch heinsdo zu den Déieren nët dat richtegt Verhältnis huet a souguer ganz grausam mat hinne ka sin. Op déi Manéier si vill Déierenaarte ganz ausgestuerwen oder uerg an hirem Weiderbestoen a Gefor geroden.
Dat trëfft besonnesch op ganz vill Vullenaarten zou, vun denen der matt der Zäit vill ze vill, och bei eis am Land, verschwonne sin. Den Asatz vun der Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga op deem Gebitt as bemierkenswärt a verdéngt eis ganz Ënnerstëtzung, an ët as nët vu Muttwëll, datt d'Aktivitéite vun de lokalen, regionalen a kantonale Sektiounen vun de

Gemengen an de Politiker am allgemengen ënnerstëtzt gin. Ech sin duerfir an der Vergaangenheet ëmmer gär an är Generalversammlung komm. Den Natur- an Déiereschutz huet nämlech nëmmen eng Chance, wann e vun der ganzer Bevölkerung mattgedroë gët. Well ët si mir all, déi d'Verantwortung hun, fir datt déi nächst Generatiounen an enger Welt liewe kënnen, an där et sech nach liewe léisst.

Et as duerfir vu ganzem Häerzen, datt ech der Sektioun Schëffléng vun der Natur- a Vulleschutzliga fir hiirt 40-järegt Bestoë gratuléieren a wënschen, datt se sech och weiderhin mat deem Äifer an deem Engagement asetzt, deen si an hirem laangjärege Bestoë bewisen huet a mat deem si derzou bäigedroën huet, datt och bei eis am Land der Natur keng Grenze gesat gin an de Vullen, Déieren a Planzen hoffentlech genug Liewensraum garantéiert bleift.

Johny Lahure
Ëmweltminister

40-järegt Bestoë vun der Natur- a Vulleschutz Sektioun Schëffléng

E Gebuertsdaag, besonnesch de 40ten vun engem Verein, as d'ideal Geleegenheet fir e Bilan ze maachen, fir sech ze erënneren. Heiansdo villeicht u schwéier Zäiten, mee virun allem fir sech ze fréen iwwert dat wat ereecht gin as.
Ech stelle mat groussem Plëséier fest, dat déi Schëfflénger Natur- a Vulleschutz Sektioun vun Ufank un eng grouss Dynamik un den Daag geluet huet:
Vu Pionnéier gegrënnt, an engem Moment, wou vu Vullen, Natur- oder Arteschutz nach kaum Rieds gong, wou d'Wuert Biotop nach onbekannt wor, wou ausser hinne kaum een de Schëfflénger Brill kannt huet, waren all hir Memberen dervun iwwerzeegt, datt jidfer eenzelnen aktiv zum Schutz vun eiser Natur an Ëmwelt kann a muss bäidroën.
Si hun aus engem Hobby eng sënnvoll Beschäftegung gemaach. Si hu sech och permanent agesaat fir weider jonk Leit ze mobiliséieren. D'Resultater vun hirem Schaffe loosse sech weisen an dovu profitéiere mer elo alleguer.

Ech freë mech, fir mat alle Membere vun der Schëfflénger Natur- a Vulleschutz Sektioun zesummen dëse Gebuurtsdag ze feieren.
Ech wënschen hinnen alleguer e grousse Succès fir hir Gebuurtsdags-Manifstatiounen. Virun allem wënschen ech hinnen, dat si nach laang Joeren mat där selwechter Freed a Begeeschterong wéi am Ufank weiderfueren.

Nelly STEIN
Burgermeeschter

Eng al, eng schéin an eng ëmmer méi schwéier Missioun

Zënter Jorhonnerten gët sech de Mënsch of mat der apaarter Welt vun den Déieren, an doran nees besonnesch mat deër vun de Vigel an hirem Liewesraum, dee jo och eisen eegenen as, an deen ët gëlt - haut nach méi wéi soss - esou ze erhalen oder erëm esou ze maachen, wéi e fir d'Weiderbestoë vun deene villen Zorte vu Liewewiesen soll, jo muss sin.
Dëst Iwwerleës huet hei zu Schëffléng viru 40 Joër och ganz sécher déi Rëtsch vun ideal gesënntene Leit deemols derzou gefouert, méi no zesummenzerécken an e Veräin ze grënnen, duerch dee besser a vrun allem méi bewosst Hand sollt gehale gin iwwer d'Vigel an hiren Ëmkrees, an deem se ongestéiert liewen, eropzillen, erëmfléien, päifen a sange konnten. Dës schéi Missioun as gläich ganz uewen an d'Statute geschriwwe gin an esou stung dann Enn 1956 dee Fong, op deem eise lokale Vulleschutz-Veräin säi Wee fonnt huet. Awiirkunge vu baussen (vrun allem d'Ëmweltverschmotzung) hun dunn am Laf vun de Joëren derzou gefouert, datt nach méi wäit ausgeholl gouf:

aus eisem "Vulleschutz" as en allgemengen "Naturschutz" gin, deen sech op nationalem Plang der grousser Liga ugeschloss huet an als Schëfflénger LNVL-Sektioun vun Ufank u vill Guddes geleescht huet.
Bannent kuerzer Zäit as aus de Missiounen an den Devisen eng Noutwendegkeet gin, eng Noutwendegkeet, déi sécher och bei Geleënheet vum 40. Jubiläum uklénken an och an dat richtegt Liicht vun de Verantwortungen eraréckelen dierft. Dës si kloër ëmrass a stellen och eis Gemeng viru Fuerderungen, déi ët gëllt, zesummen ze bespriechen an zesummen gutt op en Enn ze féieren.
Dat gëtt mer d'Geleënheet, op dëser Plaz festzehalen, datt d'Schëfflénger Gemeng heibäi nët am Eck stoë bleift, well se huet ganz gewëss d'Problemer erkannt an d'Fuerderunge verstanen. Dofir soll och dat 40-järegt Stëftungsfest vun eiser Lokalsektioun vun der LNVL e wichtege Maarksteen setzen um Wee an dat nächst Joërdausend, dat eis alleguerten oekologesch erausfuerdere wäert.
Hei gëllt ët dann, léif Leit vum Schëfflénger Natur- a Vulleschutz, eis an är "al, schéin an ëmmer méi schwéier Missioun" ganz eescht ze huelen an hei an eisem Eck déi Ëmwelt ze schaafen, déi d'Vigel, all déi aner Déieren an och mär Mënsche brauchen, fir esou mateneen a niewendeneen liewen ze kënnen, wéi mer eis dat alleguerte wënschen.
An dësem Sënn alles Guddes säitens der Schëfflénger Gemeng, déi hir Mathëllef nët wäert schëlleg bleiwen.



Ed. Melchior
Landespräsident

Natur- und Vogelschutz findet auch auf Gemeindeebene statt.

Es ist eine Binsenwahrheit, daß Naturschutz im allgemeinen und Vogelschutz im speziellen eine internationale Angelegenheit ist. Vögel kennen bekanntlich keine Grenzen, und es leuchtet ein, daß die beste nationale Gesetzgebung nicht wirksam sein kann, wenn jenseits der Landesgrenzen ganz andere Gesetze und Gepflogenheiten gelten. Erinnert sei an den leidigen Vogelfang in Belgien, wo bis vor kurzem noch Vögel in großer Zahl zwecks Käfighaltung gefangen wurden, an den massiven Vogelfang in Italien, der kulinarischen Zwecken diente und trotz gesetzlicher Verbesserungen bis heute anhält, und sei es auch nur heimlich, an das unsinnige Abknallen von Vögeln auf Malta und Sizilien, an verwerfliche Jagdpraktiken in Frankreich (z.B. die Frühjahrsjagd auf die Turteltaube) usw. Internationale Konventionen sind also sehr wichtig, und die Harmonisierung der entsprechenden Gesetzestexte auf Landesebene. Hier hat die EU bisher gute Arbeit geleistet. Erinnert sei nur an die Vogelschutz- und Habitatdirektiven. Nur bei der konkreten Umsetzung und Kontrolle hapert es. Hier sind die jeweiligen nationalen Instanzen gefordert und zwar nicht nur auf Landes- sondern auch auf Gemeindeebene.

Und genau an dieser Stelle spielen lokale Naturschutzvereinigungen eine vielfältige und wichtige Rolle. Sie stehen den Gemeindeautoritäten nicht nur beratend zur Seite (z.B. in der Umweltkommission und bei der Erstellung sowie konkreten Umsetzung von Grünplänen), sondern sind auch aufklärerisch (z.B. Infostände, Konferenzen, Jugendaktivitäten usw.) tätig. Des weiteren sind sie in der Regel auch im praktischen Naturschutz (z.B. Anlegen von Feuchtgebieten, Hecken- und Kopfweidenpflege usw.) Vorbild.

All dies trifft auf die rührige Sektion Schifflingen der "Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga" zu, die 1996 ihr 40jähriges Jubiläum feiert. Die Gemeinde Schifflingen kann stolz auf derartige Vereinigungen sein, die für die Allgemeinheit und für die kommenden Generationen tätig sind. Seitens des LNVL- Vorstandes danken wir der Sektion Schifflingen für die bisher geleistete Arbeit und wünschen ihr weiterhin viel Erfolg.

Roger Schauls

Mouvement écologique

40 Jahre Vogelschutzsektion Schifflingen, eine lange Zeit für einen Verein, fast schon zwei Menschengenerationen und doch nur ein winziger Zeitabschnitt in den natürlichen Zeitabläufen, einige Zentimeter Zuwachs im Stamm einer Eiche, kaum wahrzunehmen für den vorbeiwandernden Spaziergänger. Dieser wird vielmehr die Veränderungen in den früheren Tagebaugebieten erwähnenswert finden. Als in den 50ger Jahren der Erzabbau rundum die Ortschaft aufgegeben wurde, blieb eine verwüstete Landschaft, nackte Steinwüsten mit riesigen Abraumhalden und Geröllfeldern zurück. Kaum vorzustellen, dass 1996 sich in diesen lebensfeindlichen und ausgeraubten Schuttflächen artenreiche Lebensgemeinschaften mit unzähligen seltenen Pflanzen und Tieren entwickelt haben. Kaum zu glauben fürwahr, angesichts der mahnenden Stimmen der Naturschützer, welche Aussterbensraten von 20000 - 100000 Arten pro Jahr angeben.

Alles nur grüne Panikmache? Oder ist die Natur wirklich so überwältigend stark, dass sie auch alle Eingriffe des Menschen auszubügeln vermag?

Mitnichten! Wenn die zerschundenen Tagebauflächen so schnell wieder von der Vegetation zurückerobert wurden, dann nur deshalb, weil Lebewesen sich seit vielen tausend Jahren

an diese extremen Lebensbedingungen angepasst haben. Diese Arten leben normalerweise an Stellen, wo durch die Kraft des Wassers, der Winde, ... immer wieder vegetationsfreie Flächen entstehen. Hier in den Tagebaugebieten schuf der Mensch diese Bedingungen, die mithin entsprechend angepassten Organismen völlig vertraut sind. Voraussetzung für die Einwanderung dieser Arten war jedoch,dass genügend grosse Refugien und Verbindungswege vorhanden waren. Um letztere steht es momentan sehr schlecht.

Zwar wurde in Schifflingen eines der wenigen auch international anerkannten Vogelschutzgebiete ausgewiesen, allein seine doch relativ kleine Fläche inmitten der riesigen Industriezonen riskiert die Mühen der Naturschützer zunichte zu machen. Das Naturschutzgebiet Brill, gefangen innerhalb eines extrem dichten Strassennetzes, wird zum tödlichen Gefängnis, da der Austausch der hier lebenden Pflanzen und Tiere mit den umgebenden Lebensgemeinschaften durch Asphalt- und Betonwüsten verbarrikadiert ist. Diese Verinselung im Gitter der modernen Infrastrukturen lässt ein vormals artenreiches Biotop zur tödlichen, genetischen Falle verkommen.

Angesichts der bereits erwähnten Ausmasse des Artensterbens, mag es lächerlich erscheinen, wenn sich die Schifflinger Naturschützer um ein paar Libellen oder Kröten sorgen. Und doch, ihr Beitrag für den Erhalt der Artenvielfalt ist auch ein Einsatz zum Schutze einer gesunden Umwelt für die Menschen. Die lokalen Bemühungen um den Schutz auch nur einer Tier- oder Pflanzenart, schreiben sich demnach ein in eine globale Strategie zur Rettung der weltweit bedrohten Biodiversität. In diesem Sinne wünsche ich der Schifflinger Natur- und Vogelschutzsektion noch viel Kraft und Mut in ihrem Einsatz gegenüber den kurzfristigen Interessen der Politik und Wirtschaft.

"Séance Académique"

3. März 1996 ëm 11^{30}

Salle Grand-Duc Jean
Stadhaus Schëffléng

Programm

Trio a sol mineur — *Antonio Vivaldi*
fir konzertant Altblockflütt, Querflütt a Basso continuo
Allegro ma cantabile

Begréissung duerch de Sektiounspresident, den
Här Léopold Winandy

Frühlingstraum — *Franz Schubert*

Usprooch vum Landespresident, dem
Här Ed. Melchior

Sonata in imitation of birds — *William Williams*
for treble recorder, flûte and continuo
Adagio, Allegro

Usprooch vun der Madame
Burgermeeschter Nelly Stein

Ging heut morgen über's Feld *Gustav Mahler*

Usprooch vum Här
Ëmweltminister Johny Lahure

Frühlingsfahrt *Robert Schumann*

Usprooch vum Här
Châmberpresident Jean Spautz

Triosonate C-dur *J. J. Quantz*
für Blockflöte, Querflöte und Basso Continuo
Affettuoso, Vivace

Ët spillen a sangen:

Ria Clement - Lucas, Altblockflütt
Claude Clement, Piano
Arthur Stammet, Bariton
Léopold Winandy, Querflütt

Éierewäin, offeréiert vun der Gemeng Schëffléng

Léopold Winandy

Sektiounspresident

Véierzeg Joer sin am Liewe vun enger Organisatioun nach keng ganz laang Zäit. D'Natur rechent nët an esou kuerzen Zäitspannen, an dach gouf si an dëser Period uerg strapazéiert. Schëffléng as no alle Säite gewues. De Verkéier huet zougeholl. Stroosse goufe gebaut, an dobäi as munch Stéck Natur op der Streck bliwwen. D'Schwéierindustrie huet sech ëmgestallt an dobäi huet d'Loft, déi mer otmen nët u Qualitéit zougeholl. Deen neien Dreck gesäit een nët méi.

Wéi d'Industrialisatioun am vireschte Joerhonnert a Gaang koum, hu sécher déi wéinegst Mënschen dermat gerechent, dat duerch dës Entwécklung, eis Natur eng Kéier esou a Bedrängnes kéim, wéi mer dat haut feststellen. Esou laang ewéi d'Fabriken a klenge Moossen entstaane sin, waren och d'Ëmweltbelaaschtunge kleng. Well jo awer all Mëssstand op dëser Welt duerch de Mëssbrauch kënnt, sollt dat nët esou bleiwen. Ech kommen nët derlaanscht, d'Greenpeace ze zitéieren: *"Erst wenn der letzte Baum gerodet, der letzte Fluß vergiftet, der letzte Fisch gefangen, werdet Ihr feststellen, daß man Geld nicht essen kann!"*

D'Liewensqualitéit, de Wuelstand an eis Bequemlechkät as leider op Käschte vun der Natur an der Ëmwelt gaangen. Géint

déi grouss Mëssstänn, verursaacht vun de groussen Entreprisen, kënne mer kleng Lokalsektioune wéineg oder guer näischt ënnerhuelen. Mä op lokalem Plang as ët eis Flicht, ze suergen, datt eis kleng Ëmwelt esou gutt ewéi méiglech an der Rei bleift. Mat Zäit gouf festgestallt, dat d'Villercher an der Natur eng grouss Roll spillen, an dat ët wichteg wier, hiere Liewensraum ze erhalen. Fird'éischt gong ët emol drëm, déi ganz Vullewelt kennen ze léieren an dann déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen, fir si ze schützen. Aus dësen Iwwerleeungen eraus as de Natur- a Vulleschutz entstanen.

De franséischen Entomolog J.H. Fabre sot: "Sans l'oiseau, la terre serait la proie de l'insecte."

D'Industrie a mer selwer hun ugefaangen ze bekäppen, datt mer d'Problemer, déi entstinn, esou léise mussen, datt eis Kanner eis nët de Virworf maache kënnen, mer hätten hinnen eng Welt hannerlooss, wouran ët sech nët méi liewe léisst! Dora loug d'Roll vun der Natur- a Vulleschutzliga, nët nëmme Landschaften ze hegen an ze flegen, mä och mat Zäiten drop opmierksam ze maachen, wann an d'Natur esou agegraff géif, datt de Schued nët méi réckgängeg ze maache wier.

E Kompromissbeispill hei zu Schëffléng as de Verlaaf vun der Collectrice du Sud, déi ursprünglech duerch e Naturschutzgebitt féiere sollt. Wir dat geschitt, wieren all Landkäf vun der Stëftung "Hëllef fir d'Natur" eng Farce gewiescht. Mer hätte keng Garantie méi gehat, dass dat sech nët deen aneren Dag op enger anerer Plaz widderholl hätt an esou de Respekt virun der Natur vollends op der Streck bliwwe wir.

Ët bleift der Sektioun, der Liga an eisem Liewensraum ze wënschen, dat asazberät jong Leit dës wichteg Aarbecht weiderféieren!

E klenge Réckbléck.



Am Joer 1956 hu verschidde Vullefrënn aus Schëffléng Kontakt mam domolege President vum Landesverband, dem Här R. Kayser an dem Generalsekretär, dem Här H. Rinnen, opgeholl. Den Zweck war, zu Schëffléng eng Lokalsektioun vun der "**L**igue **L**uxembourgeoise pour l'**É**tude et la **P**rotection des **O**iseaux (L.L.E.P.O.)" ze grënden. De 9. Dezember 1956 war ët dann esou weit. Mueres ëm 10^{00} Auer hun déi Interesséiert sech am Café J.P. Theisen (beim Schmatt) afond an ët gouf dann och direkt den éischte Comité opgestallt. President gouf den Här Victor Welter; Vize-Presidentin d'Madame Léonie Steinmetz; Sekretär den Här Joseph Krein; Caissier den Här Henri Schmit. Weider Mitglieder am Comité waren d'Häre Bernard Bastian, Jacques Felten an Alex Savoini. Vun dëse Grëndungsmemberen as den Alex Savoini nach haut als Vizepresident am Comité.

Schon den 10. Dezember gouf e Bréif un de Schäfferot geschéckt, woura mer niewend der Opzielung vum Comité de Saz fannen:

"Nous nous permettons de croire que la section L.L.E.P.O. trouve votre agrément vu son noble but, à la fois éducatif et scientifique, et qu'elle trouvera l'appui bienveillant de l'autorité publique."

D'Äntwert vun der Gemeng as datéiert vum 20. Februar 1957 mat ënner aanerem dësem Text:

"J'ai l'honneur de vous informer que dans sa séance du premier février 1957 le Conseil communal a approuvé vos statuts et vous souhaite dans votre noble but une entière satisfaction.
Votre société a été inscrite sur la liste des sociétés locales qui reçoivent annuellement un subside de la commune. A cette fin je vous invite de me faire parvenir à la fin de l'année un rapport sur votre activité ainsi qu'un rapport financier."

An deem versprachene Rapport vum 26. Februar 1958 fanne mer folgendes:

An den hochwohllöblichen Schöffenrat der
Gemeinde Schifflingen.

Wir danken Ihnen hiermit nochmals für das uns für das Jahr 1957 gewährte Subsid in Höhe von 2000,- fr und sehen uns verpflichtet, Ihnen Bericht über unsere Tätigkeit im Jahre 1957, sowie über unsere Entwürfe für 1958 zu erstatten.

Kassenbricht.

Einnahmen:

Subsid der Gemeinde Schifflingen:	2000,- fr
Einmaliges Anlaufsubsid des Landesverbandes:	500,- fr
Total:	2500,- fr

Ausgaben:

Einkauf von Holz zur Anfertigung von Nistkästen:	420,- fr
Beitrag zum Nikolauswerk 1957:	100,- fr
Ankauf von Vogelfutter lt. Rchg. Colling J.	530,- fr
Ankauf von Vogelfutter lt. Rchg. Jungers Nik.	336,- fr
Total:	1.386,- fr

Kassenbestand am 1.I.1958: 2500,- . / . 1386,- = 1.114,- fr.

Tätigkeitsbericht.

Die Generalversammlung fand am 5.I.1958 im Saale Quazzotti statt. Mitgliederzahl 1957: 25; heute zählen wir bereits 42 Mitglieder.- Comité-Sitzungen: 3; Versamml'gen: 1.

Mitte November 1957 wurden, mit Erlaubnis des Försters, 26 Nistkästen in den Waldungen im Ellergrund und in der Waldstrasse aufgehängt. Das hierzu benötigte Material wurde teilweise gratis von Vorstandsmitgliedern geliefert. Zugleich ging eine Mitteilung zwecks Schonung der Vogelwelt an das Lehrpersonal sowie an den Förster und Hilfsförster.



Zwei Futterplätze wurden vorläufig angelegt, und zwar: in der Waldstrasse und in "Bettling". Anfang Dezember erhielt jedes Mitglied gratis je 1 Kilo Sonnenblumensamen und 1 Kilo Hanf. Die Winterfütterung im Orte stand unter Kontrolle und Beratung unserer Sektion.



Niewend dësen Aktivitéite goufe weider Fudderplazen ageriicht. Virgesi ware spezial Fudderapparaten, déi ët deemols nëmmen am Ausland ze kaafe gouf. Tafele mat de Vermierker: *"Schützet die Vögel! Schützet den Wald! Schützet die Natur!"* waren an Aarbecht a goufen an de verschiddenen Agäng vum Bësch opgehaangen. Virgesi war weider, Hecken unzeplanzen a schon 1958 gong riets vum "Brill", deen der Sektioun besonnesch um Häerz luch. An de Beriichter vun deemols steet:

"Hier leben Vögel der seltensten Art, und es gilt, auch diesen Gästen Schutz zu garantieren. Wir müssen deshalb günstige Lebensbedingungen schaffen, also Nistgelegenheiten, Schutzgehölze, Freistätten und Winterfütterung besorgen."

De Jos. Peltzer vun Esch huet op Schëfflénger Terrain ëm déi 400 bis 500 Villercher am Joer berengt.

De "Brill", esou wéi mer en haut kennen, as nëmme méi e ganz klenge Rescht vun de fréiere Fiichtgebidder, déi ët nördlech vun Esch bis no Schëfflénge a Monnerech gouf. Si waren déi natierlech Iwwerschwemmungsgebidder vun der Uelzecht, der Dippech an der Kiemelbaach. D'In-

dustrialiséierung am läschte Joerhonnert huet ët mat sech bruecht, dat vill vun dësem Sumpfgebitt zougeschott gouf. De Brill, deen op Escher an op Schëfflénger Terrain läit, gouf duerch en Eisebunnsdamm gedält, deen ët der Arbed erméiglecht nom Zementwierk an op de Schlakentipp ze fueren. Dat wat mir haut de Brill nennen, as den Däl op der Schëfflénger Säit. Duerch déi weider Agrëffer ewéi Verdéiwe vum Uelzechtbett an Uplanze vun enger ganzer Pëppelkolonie, as ët dem Brill ëmmer méi un de Kolli gaangen. Schlussendlech wollt d'Arbed de ganze Brill zoutippen. All Naturschutzorganisatiounen hu Stellung géint dës Entwéckelung geholl, wourop dann endlech den erhofften Ëmschwonk koum an de Brill als Naturschutzzon am "Plan sectoriel de l'aménagement du territoire" deklaréiert gouf. Och huet d'Schëfflénger Gemengeverwaltung erkannt, datt de Brill eng natiirlech Pufferzon tëschent der Uertschaft an der neier Industriezon beim Zementwierk duerstellt.

Elo gong ët drëm, de Brill erëm zu deem ze maache, wat séng Roll an der Vergaangenhät war: E Fiichtbiotop vun éischter Qualitéit!

De Brill as dat éischt gesetzlech geschützte Naturreservat am Land.

An dësem Gebitt kann sech d'Natur no hiere Gesetzer entwéckelen. Fir dass dat méiglech as, muss de Brill mat der Natur ronderëm a Kontakt bleiwen, fir datt de geneteschen Austausch ënnert der Fauna a Flora garantéiert bleift. Ët duerf keng Inzucht entstoën. Wann dat eng Kéier de Fall sollt gin, as d'Verschwanne vun dësem Naturschutzgebitt virprogramméiert!

Ët géng an der Rumm vun dësem Artikel ze weit féieren, eng Bestandsopnahm vun der Fauna a Flora am Brill ze gin. Eent kann ee soen, de Brill as e klenge Paradäis, deen eis erhale bleiwe muss!

Niewend dem Brill huet de Natur- a Vulleschutz nach 2 weider Gebitter ënnert sénger Verwaltung an zwar am "Sod" an am "Wäissewee".

Am Juli 1986 hun d'Mariette Scheuer an de Claude Pasquini eng Biotopkartierung zu Schëffléng virgeholl. Dëst ëmfangreicht Wierk gët eis Opschloss iwwert de Naturreichtum an eiser Gemeng. Dës Aarbecht as ët derwäert, vun Zeit zu Zeit ërem studéiert ze gin, fir dat eist Gewësse waach bleift.

Niewend dem Erhalen a Flege vun der Natur as ët och eis Flicht, op Mësstänn hinzeweisen!

Zeechnungen:

Johan
de Crem

De Comité am Joër 1996

Alex Savoini Léo Jacoby Andrée Thommes Alex Biren

Léopold Winandy Lucie Bonora Roby Thommes Berthi Marzinotto Jean Moos

President:	**Léopold Winandy**
1. Vize-President:	**Alex Savoini**
2. Vize-President:	**Jean Moos**
Sekretärin:	**Berthi Marzinotto**
Caissière:	**Andrée Thommes**
Memberen:	**Alex Biren**
	Lucie Bonora
	Léo Jacoby
	Roby Thommes

D'Uelzecht zu Schëffléng am Brill
Photo: Alex Savoini (1983)

Blomäs

Photo: Ginette Winandy

Logoentweckelung
J.Cl. Hamilius
Bodo Brandes

natur- a vulleschutz
sektioun schëffléng

Natur- a Vulleschutz
Sektioun
Schëffléng

natur- a vulleschutz

sektioun schëffléng

Lëtzebuerger Natur- a Vulleschutzliga

Kongress 1996

Samschdeg, den 30. März

Zu Schëffléng
am Stadhaus
Sall Grand - Duc Jean

Ufank
14^{15} Auer